

M. Claude Wiseler, Président | Dat war ganz kuerz, Här Mosar, villmools merci. An da maache mir dat esou, datt mer muer driwwer diskutéieren, wann d'Chamber domat d'accord ass. Villmools merci.

7. 8200 – Projet de loi relative au réaménagement et au remplacement de l'ensemble des infrastructures du camp militaire à Waldhof

Da komme mer zu dem Projet 8200 iwwert d'Sanéierung vun den Arméinfrastrukturen um Waldhaff. Och hei ass et e Basismodell, Dir kennt d'Reegele vun de Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Charel Weiler, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen, den Här Meris Sehovic an den Här Marc Goergen. An dann ass et um Rapporteur, dem Här Luc Emering, fir eis de Projet virzestellen. Här Emering.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

M. Luc Emering (DP), rapporteur | Här President, léif Kolleginnen a Kollegeen, déi russesch Aggressioun an der Ukrain an de Konflikt tëscht Israel an der palestinesescher Hamas hu ville Staaten an Europa d'Gruejlegkeete vun engem Krich erëm méi no virun Ae gefouert. Bal 80 Joer nom Zweete Weltkrich ass et nach eemol erschreckend kloer ginn, dass Konflikter zu all Ablack kënnen ausaarten an dass d'Sécherheet vun eis all näischt ass, wat ee lichtfankeg oder als selbstverständlech soll betruechten.

Ëmsou méi wichteg ass et, dass een – fir, jo, Krichsfäll, mee och allgemeng fir Noutfäll oder Krisen – eng Arméi huet, déi effikass ass, déi funktionnell ass an déi capabel ass ze reagéieren, wann hir Hëllef gefuerdert ass. D'Effikassitéit ass dann notament natierlech eng Saach vun der Disponibilitéit vun de Leit, ma gläichzäiteg awer och eng vum Material, mat deem d'Persounen kënnen a mussen am Noutfall schaffen.

Déi éischt Pläng, fir d'Militärbasis um Waldhaff ze reamenagéieren, gouf et 2018. Schon deemoools ass iwwer eng Modernisatioun vun den nationale militäreschen Infrastrukturen nogeduecht ginn, ganz einfach och, well déi bestoend Infrastrukturen schon deemoools an d'Jore komm waren an net méi den néidege Standarden entsprach hunn.

Une voix | Très bien!

M. Luc Emering (DP), rapporteur | Verschidde Projekte wéi d'Rehabilitatioun an den Ausbau vun der Kasär Grand-Duc Jean um Härebierg, nei logistesche Cyber-Infrastrukturen, och um Härebierg, oder och d'Participatioun als Gaaschtland um Finanzement vum strateegeschen Infrastrukturprogramm vun der NATO-Agence zu Capelle sinn och schonn an de Joren 2020 an 2021 decidéiert ginn.

Mee aktuell ass et effektiv esou, dass trotz vereenzelte Verbesserungen an Aarbechten d'Gebailchekeiten an d'Infrastrukturen um Waldhaff net méi de generelle Sécherheetsnormen an och net den technesche Sécherheetsnormen entsprechen. Si sinn nëmme limitéiert fonctionnel, suivéieren net ëmmer déi legal Ufuerderungen an entsprechen och net den NATO-Standarden.

Kuerz gesot, vu déi multipel Erausforderungen, déi ëmmer méi an och ëmmer méi komplex ginn, vu eis national an och international Engagementer, mee vu och d'Personal an d'Aarbechtskonditiounen vun eise Leit, genee wéi hir Sécherheet – an ech mengen, do wësst Der vläicht, dass et och an net all ze ferner Vergaangenheet emol zu engem Accident komm ass –, vu dat alles, war a bleift et wichteg, eis

Infrastrukturen op den Niveau ze bréngen, derfir ze suergen, dass eist Militär gutt dosteet, mat anstännegem Material ka schaffen an och sécher an effikass seng Missiounen kann erfëllen.

Wat gesäit de Projet de loi 8200 elo genee vir?

Éischtens, dat sinn emol adequat a sécher Konditiounen souwuel um Niveau vun der Gesondheet op der Aarbechtsplaz wéi och um Niveau vun der Sécherheet, dëst fir d'Personal an der Lokalitéit, mee och fir extern Leit, déi sech um Terrain ophalen. Heizou gehéieren eng Rei Elementer, op déi mir wäerten am Verlaf agoen.

Zweetens an drëttens soll d'Capacitéit erweidert ginn, fir d'Munitioun ze stockéieren, an et soll notament och eng Gestiou vun der Munitioun erméiglecht ginn, déi konform zu den NATO-Normen ass. Hei si virgesinn: 13 Depote fir d'Munitioun vum Typ ECM, en Hangar, deen och fir de Stockage dediéiert ass, en Atelier an eng sougenannte Zone d'attente fir Gefierer. D'Konzentratioun vun der Munitioun ass esou zentraliséiert an enger definierter an dediierter Zon.

Et gëtt dann och en Ënnerscheed gemaach tëschent engem permanente Stockage, dat sinn eeben déi 13 nei Depoten, an dann engem temporäire Stockage, dee prinzipiell fir de Stockage vum Munitioun genotzt gëtt, déi nach aus dem Zweete Weltkrich staamt an déi an engem relativ séieren Delai muss eliminéiert ginn.

Véiertens, déi Zon soll dann och um funktionellen Niveau restrukturéiert ginn, fir eeben, wéi gesot, den NATO-Standarden ugepasst ze ginn.

Fënneftens ass, wéi gesot, och nach en neien Atelier fir d'Aarbechten un der Munitioun virgesi vu ronn 280 Meeterkaree, de sougenannten „explosives workshop“. Deen ass och an der Zon vum Stockage ugesidelt an hei kënnen all Zorte vun Operatiounen an all Maintenance un der Munitioun an engem securiséierten Ëmfeld virgeholl ginn.

Fir d'Sécherheet um Terrain an tëschent deene verschiddenen Elementer nach besser ze garantéieren, gëtt et eng Andeelung tëschent der Zon 2, déi eeben de Stockage vun der Munitioun beherbergt, an der Zon 1, der Zone administrative.

Dës Zone administrative gëtt och de Besoine vum Personal um Terrain an allgemeng vun der Lëtzebuerger Arméi ugepasst. Hei gëtt et verschidde Bléck: de Block „corps de garde“, wou sech iwwer zwou Etagé Lokaler fir d'Sécherheet an d'Iwwerwaachung befanne gradewéi Dortoiren an och d'Sanitäreanlagen, de Block „administration et formation“ mat Büroen, Schoulraumlecheete gradewéi enger Restauratioun an Openthaltsraum, fir och dat gemeinschaftlecht Liewen ze ënnerstëtzen an ze fërderen, a Raimlecheeten am Sous-sol mat enger Rei Locaux techniques, Garagë fir Interventiounsgefiierer a Raim a Plaz fir de Stockage vum Material fir den Deminage, also d'Minerneräumung.

(M. Fernand Etgen prend la présidence.)

Finalement gëtt och de Perimeter méi effikass securiséiert an och verstärkt. Hei gëtt bannent dem Perimeter um Terrain en neie System mat enger Clôture mat engem elektronischen Iwwerwaachungssystem agebaut, gradewéi e Wee fir d'Patrouillekontrollgäנג.

Léif Kolleginnen a Kollegeen, e kuerzt Wuert zum Schluss och zu den energieetesche Modalitéiten, well dat och en Aspekt ass, dee bei dësem Projet de loi berücksichtegt ginn ass. Allgemeng ass déi energieetesche Performance vun den neie Bauten um Niveau vun den aktuelle Standarden. Hei gouf notament

drop opgepasst, dass déi thermesch Performance gutt ass, dass déi technesch Installatiounen e geréngen Energieverbrauch hunn, dass PV-Anlage genotzt ginn, fir d'Energieproduktioun ze fërderen, dass Wärme- a Waasserpumpelen agesat ginn, fir eeben och Hëtzt a Wäermt ze produzéieren.

Dëst gesot, gëtt et sécherlech nach immens vill kleng Detailler, technesch Detailler, déi mir duerch d'Zäit net all konnten uschwätzen.

E manner klengen Detail ass de Käschtepunkt vun dësem Projet: Dee läit bei ronn 81,5 Milliounen Euro.

Zum Schluss kuerz zu den Avisen: Do huet de Staatsrot gefrot, den Intitulé vum Projet ze änneren, well et senger Usicht no notament net just ëm e Reamenagement géif goen, mee tatsächlech ëm de kompletten Ëm- an Opbau vun den Installatiounen. Dës Verbesserung si mir an der Kommissioun och nokomm.

Dir fannt, wéi ëmmer, de ganzen Detail am schrëftleche Rapport, op deen ech dann och géif verweisen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn dann och mengersäits scho fir dës Projet de loi den Accord vun der DP-Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools dem Här Rapporteur Luc Emering.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Charel Weiler agedroen. Här Weiler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Charel Weiler (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegeen, eng modern Arméi brauch modern Infrastrukturen, fir hiren Aufgaben och kënnen gerecht ze ginn. A säit dem Iwwerfall vu Russland op d'Ukrain ass dës Besoin der Politik an dem Land méi bewosst ginn an et gëtt an d'Arméi investéiert an eeben och an hir Infrastrukturen.

Mat dësem Gesetzesprojet suerge mer derfir, datt d'Militärlager um Waldhaff moderniséiert gëtt. Den aktuelle Site, dat ass scho gesot ginn, entsprécht net méi den aktuellen Normen fir d'Technik a virun allem fir d'Sécherheet an ass och net méi konform zu de Standarden a gesetzleche Virgabe vun der NATO. Dofir ass déi komplett Renovatioun vum Site mat enger Enveloppe vun 81,5 Milliounen och onëmgängelech.

Nach eng Kéier kuerz den Detail, wat geschitt. De Site gëtt esou ëmgebaut, dass déi administrativ Zon an d'Munitiounslager besser vunenee getrennt sinn, och an deem Sënn, fir d'Sécherheet ze garantéieren. Déi administrativ Zon gëtt ausserdeem erweidert, fir den Aufgabe vun der Arméi gerecht ze ginn. D'Munitiounslager selwer gëtt ernéiert an och ausgebaut, fir méi Lagercapacitéiten ze schafen. An de Site gëtt och no bausse hin besser geséichert, wat och e wichtegen Aspekt ass.

D'Gebaier gi moderniséiert, fir och den neien – an dat huet mäi Virriedner och gesot – energieeteschen Ufuerderunge gerecht ze ginn. Dëst alles ass méi wéi ze begreifen.

Här President, no der Erneuerung a Moderniséierung vum Härebierg, déi an der leschter Legislaturperiod gestëmmt gouf, ass dëst en nächste Bausteen an der Renovatioun vun den Infrastrukturen vun eiser Arméi. Méi spët am Nomëtte wäerte mer och nach iwwert den Ausbau vum Schéissstand am Bleesdall debattéieren an ofstëmmen, e weidert Element an der Erneuerung a Moderniséierung vun eisen Infrastrukturen.

Et ass wichteg, datt eis Arméi déi Infrastrukturen kritt, déi se brauch. Et ass wichteg, datt eist Land e seriöse

Bäitrag als NATO-Bündnispartner leescht an och seng Responsabilitéiten assuméiert. Domadder ginn ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Weiler. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Claire Delcourt.

Mme Claire Delcourt (LSAP) | Merci, Här President. Jo, mir hate jo déi grouss Éier, déi zwee Sitte kucken ze goen. An deem Fall schwätze mer elo mol vun deem éischte Projet um Waldhaff. An an engem Joerzénge, wou d'Onsécherheet duerch Multikrisen ëmmer méi zouhëlt a mer och zanter Februar 2022, jo, mat neie Realitéite konfrontéiert gi sinn, wësse mer, dass dës Projet ëmsou méi wichteg ass.

An de russeschen Ugrëffskrich an der Ukrain huet d'EU eng Kéier déif gerëselt an et ass eis kloer ginn, dass de Fridde keng Selbstverständlechkeet ass. An, ech mengen, et ass ganz wichteg, dass d'EU an och mir als Land natierlech investéieren an eis Sécherheet, an eis Defense an domat och a militäresch Infrastrukturen.

Mir schwätzen elo emol hei fir d'éischt vum Projet vum Militärcamp um Waldhaff. An ech ka mech nach erënnere: Ech hu bei der Police geschafft, wéi am Februar 2019 d'Noriicht komm ass, dass zwee Demineuren hiert Liewen do gelooss hunn. Mir waren all zudéifst erschreckt doriwwer. An dat huet am Fong gewisen, dass dës Infrastrukturen ëmsou méi e Besoin hunn, nach eng Kéier un d'Sécherheet ugepasst ze ginn, an dass se natierlech, wéi elo schonn e puermol gesot gouf, de Sécherheetsstandarden net entsprechen an net entsprach hunn dee Moment.

Jo, an deem Sënn ass et natierlech keng Fro, dass mir als LSAP-Fraktioun dës Projet begrëissen an natierlech och matdroen, schonn eleng eeben, fir Mesüeren ze huelen, fir och eiser Defense d'Méiglechkeet ze ginn, eng gewësse Sécherheet am Alldag ze hunn.

Voilà, ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Madamm Delcourt. Da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken, dem Här Luc Eméring en häerzleche Merci fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport, soss vergiessen ech dat erëm.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir liewen haut an enger onroueger Welt, déi leider ëmmer méi onroueg gëtt, an dat bedénge och, datt mer mussen an deem Beräich investéieren, haaptsächlech a Militärinfrastrukturen. Mir mussen déi moderniséieren, och fir der NATO an hiren Norme gerecht ze ginn.

Dat aktuell Gebai, dat mer hei hunn, ass an d'Jore komm, trotz eenzele Verbesserungen am Laf vun der Zäit, an et gëtt elo ëmgebaut – den Här Luc Eméring huet et méifach gesot – an dräi Zonen, wann een dat esou därëf soen: eng Kéier d'administrativ Zon, eng Kéier de Stockage, dee ganz verschiddearten ass, an och een Deel kann erfreeslecherweis erëm zu enger Renaturéierung bäigedroe ginn.

Mir mussen an déi Richtung goen, mir mussen eis upassen un d'Norme vun der haiteger Sécherheet an och vun der Aarbechtssécherheet, well soss geet dat schif – ech mengen, mir hunn et elo grad och héieren. An an deem Sënn géif ech den Accord gi vun der ADR-Fraktioun zu deem Gesetzesprojet. Ech soen Iech en häerzleche Merci fir Är Opmerksamkeet.

M. Fred Keup (ADR) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Engelen. An da wier et um honorabelen Här Meris Sehovic.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass e puermol schonn ugeklongen an ech schlësse mech deem natierlech un: Et ass enorm wichteg, dass mer modern Infrastrukture fir eis Arméi hunn, fir eis Zaldotinnen an Zaldoten, déi all Dag e wichtige Déngecht leeschte fir d'Allgemengheet, fir eist Land. A si sollten dat – dovunner si mir fest iwwerzeegt – ënnert deene beschtméigleche Konditiounen kënne maachen.

Leider sinn eng ganz Partie vun den Infrastrukture bei der Arméi an d'Jore komm, well säit Joerzénge net méi richteg investéiert ginn ass. Dat gëllt ganz sécher och fir de Camp militaire um Waldhaff. An et ass an deem Sënn richteg a wichteg, dass dës fir d'Arméi zentral Struktur op den neiste Stand bruecht gëtt, fir nottament mat de Richtlinne vun der NATO beim Stockage vu Munitioun konform ze sinn.

Et ass elo an de Virrieden e puermol den Ukrain-Krich beméit ginn, och als Legitimation fir deen heite Projet. Dat ass ganz sécher net falsch. Ech wëll awer drop hiweisen, dass d'Decisioun fir déi heite Moderniséierung eigentlech scho ganz laang virdu gefall ass, nämlech am Dezember 2018, an an deem Sënn och wierklech dat heite jo just ee vu ville Projeten ass, deen an deene leschte Joren op de Wee bruecht ginn ass, fir d'Arméi an d'Infrastrukture vun der Arméi ze moderniséieren: e grouse Rehabilitationsprogramm vun der Kasär Grand-Duc Jean um Härebiere, wou mer d'Finanzéierungsgesetz 2018 gestëmmt hunn a wou de Chantier eigentlech säit 2022 um Lafen ass, en neie Logistik- a Cyberinfrastrukturzentrum um Härebiere, dee mer gestëmmt haten hei am Haus mat de Grands projets d'infrastructure 2022. D'Renovatioun vum Schéissstand am Bleesdall, wou e Finanzéierungsgesetz virläit – do wäerte mer jo duerno nach dorop ze schwätze kommen –, an dann awer och ganz sécher de Bäitrag zum Programme stratégique d'infrastructure vun der NSPA.

Et muss eis, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, en Uleies sinn, dass déi Mënschen, déi sech fir d'Wuel vun der Allgemengheet bei der Arméi engagéieren, vun de beschten Aarbechtskonditiounen a vun deene modernsten Infrastrukture profitéieren sollen.

Doriwwer eraus ass deen heite Projet awer, dat wëll ech net unerwänt loossen, e formidabel Beispill eigentlech och fir d'Lenkwirkung vum Staat, well mir hunn et – an et ass virdu ugeklongen – hei ze di mat engem toppmodernen Infrastrukturprojet, wou net nëmme no deene beschten Nohaltegekeetsnorme mat deene modernsten Technologie gebaut gëtt, mee wou och profitéiert gëtt eigentlech vun deenen Infrastrukturearbechten, fir en Deel vum Bësch ze renaturéieren. An ech mengen, dass dat an deem Sënn e ganz, ganz flott Beispill ass, wou mer ganz, ganz vill verschidden Ziler op eng intelligent Manéier kënne zesummebréngen a wou de Staat eng Lenkwirkung entfaalt a wou de Staat eng Virreiderroll anhëlt. Dat ass luewenswäert, dat ass gutt an dowéinst wäerte mer deen heite Projet natierlech matënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Sehovic. An da wier et elo um honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Virdu hu mer jo iwwert d'Satellite geschwat, déi ganz wichteg sinn. Mee wat ass eng Arméi ouni Munitioun?

An hei ass et, dass mer elo eis Arméistrukturen esou moderniséieren, dass mer emol endlech en Depot hunn, deen och der aktueller Zäit entsprécht. Well mir hunn NATO-Verpflichtungen, zu deene mir als Piraten ganz kloer stinn.

An déi NATO-Verpflichtungen sinn duerch déi aktuell Konflikter an d'Luucht gaangen. Et muss ee méi Munitioun virrätege hunn. Do ass een am Moment op 30 Deeg. Dat ass fir e Land wéi Lëtzebuerg aktuell eng Eerausforderung, an dës Projet ass dofir batter néideg, fir dass mir kënne eis Munitioun esou lagere, dass an engem Eeschtfall et och méiglech ass, fir resistent ze sinn.

An net nëmme dat, mee och, dass mer kënne Munitioun un aner Länner liwweren. A mir kréien et am Moment duerch de Konflikt an der Ukrain mat, dass Munitioun selte ginn ass, dass ee Problemer huet, fir Munitioun erbäizekréien. An deementsprechend ass et wichteg, dass Lëtzebuerg sech elo e Standuert gëtt, wou een déi Munitioun och kann deposéieren an deementsprechend och genuch huet, fir iwwert déi éischt Wochen ze kommen – an deem Fall hei wäeren et 30 Deeg, déi d'NATO virschreift – beziehungsweise anere se kënne ze liwweren.

Et gëtt vill Diskussiounen iwwert de Site selwer, e wär ze no bei der Stad, ze no beim Findel. Et ass awer éischter, dass dat aus enger Traditioun eraus gewuess ass, aus enger Historie eraus gewuess ass, dass dee Site do ass. Et ass awer och esou, dass d'Arméi net onglécklech ass, wann en zimmlech zentral läit, well et wär och blöd, wann een e Site hätt mat der Munitioun, deen op iergendenger Grenz géng leien.

Hei ass sech bewusst deemools derfir entscheet ginn, an der Mëtt vum Land e Munitiounsdepot ze hunn, fir sech och manner ugräifbar ze maachen. Et ass eigentlech deemools eng ganz vernünfteg Entscheidung geholl ginn. Haut ass et schwierig, mat all den Ëmweltnormen an all den eenzelnen Oplagen, déi do sinn. Et muss ee sech awer heiansdo d'Fro stellen, ob d'Arméi déi selwecht Norme muss anhale wéi Privatleier oder wéi gewësse Firmen, well d'Arméi awer eng iwwergeuerdent Bedeutung fir eist Land an eis Sécherheet huet.

Ech si frou, dass bei deem Projet – mir waren e kucken a mir hunn all d'Erklärung kritt –, d'Natur respektéiert ginn ass, soss géinge mir en och net esou positiv gesinn an och net matstëmmen. Hei gouf alles ëmgesat, fir d'Natur deementsprechend ze respektéieren. A mir hunn och do gesinn, wéi verschidde Sécherheetsmoosnamen fréier waren, wéi do nach Hënn zwëschen den Dréit gelaf sinn. Dat si Saachen, déi mer haut net méi géingen toleréieren – mir mam Déiereschutz scho guer net.

Dofir si mer frou, dass mer hei op informatesch Léisungen wäerte setzen, fir de Site ofzesécheren, och wann dee leider nach ëmmer – wéi bal all Restaurant – op Google Maps ze fannen ass, mat alleguerten den Informatiounen, Adressen, Loftbillen. Dat sinn aner Moosnamen, wou d'Regierung sech eng Kéier muss iwwerleeën, ob ee weiderhin am Internet eis militäresch Infrastrukturen esou fräi weist.

Ech weess, dass an anere Länner eng aner Approche ass, dass och op deene Satellitkarten, déi fräi zougänglech sinn, déi eenzel Depoten ausgeblent sinn. Grad wa mer elo en neie baue beziehungsweise renovéieren, wär et vläicht de Moment fir ze soen: Mir kucken, dass eis militäresch Infrastrukturen net fräi am Internet ze kucken sinn.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Goergen. An da wier et um honorabelen Här David Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Mir sinn der Meenung, datt jiddereen e Recht huet op eng Aarbechtsplaz, wou och Sécherheet herrscht, souwuel am Private wéi an der Fonction publique, an dat gëllt natierlech och fir d'Armée. An aus deene Grënn wäerte mer dee Projet de loi och matdroen.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Wagner.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Ministerin fir effentlech Aarbechten Yuriko Backes.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, Här Vizepräsident, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, jo, eng modern Armée brauch ganz modern Infrastrukturen. Dat ass elo scho puermol hei gesot ginn, an ech kann do natierlech nëmme soen: Dir hutt ganz Recht.

Am Koalitionsaccord steet och explizitt geschriwwen, dass déi zwee Sitten, déi haut um Ordre jour vun der Chambersplénière stinn, Waldhaff wéi och de Schéissstand am Bleesdall, solle rehabilitéiert a moderniséiert ginn.

(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)

A mat dësem Projet de loi mécht d'Chamber dat och, an ech soe wierklech e ganz grouse Merci fir déi ganz breet Zoustëmmung.

Ech war och ganz frou, dass ech Iech konnt proposéieren, déi zwou Plazen zesumme besichen ze goen. Ech mengen, dat si ganz wichteg Investissementer an eis Infrastrukturen, an d'Zukunft vun eiser Armée. Dofir fannen ech et och wichteg, dass ee sur place geet, fir sech selwer e Bild dovunner ze maachen. Da versteet een dat och besser, wann een et wierklech gesäit, wéi wann een dat just esou an engem Pabeiersrapport liest.

An ech mengen, déi schwéier Investissementer, déi mer hei maachen, dat sollen och Investissementer sinn, déi absolutt sënnavoll sinn. Ech mengen, et ass och en Deel vun eisem Effort de défense a Richtung 2 %. Ech mengen, och dat muss een hei ënnersträichen.

Verschiddener vun Iech hunn och op de schrecklechen Incident virun e puer Joer higewisen an dass mer hei wierklech d'Risiko fir d'Gesondheet an d'Liewe vun eisen Zaldotinnen an Zaldote beschmeiglech solle reduzéieren. Dofir ass dëse Projet och an deem Sënn wierklech ganz wichteg.

De Service an der Armée, dat ass eng absolutt nobel Tâche. Ech mengen, dat war et am Fong nach ëmmer. An den Zäite vun haut ass et desto méi wichteg. Mir musse rekrutéieren, mir brauche vill Leit, och en vue vum Bataillon binational. A fir kënne Leit ze rekrutéieren, ass den Investissement a modern Infrastrukturen vun eiser Armée och e wichtige Volet.

An de leschte Punkt, dee vu verschiddene vun Iech och rëm mentionéiert ginn ass: De Site ass eebe méi kompakt gemaach ginn, fir en Deel vum haitege Site dann och der Natur zeréckzeginn. Och dat, mengen ech, soll een ënnersträichen.

Ech soen Iech alleguerter Merci fir déi ganz breet Zoustëmmung hei. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minister. An domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet ofgeschloss.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8200. Den Text steet am Document parlementaire 8200⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8200 et dispense du second vote constitutionnel

Da fänkt d'Ofstëmmen un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme bei deemno kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentiuon. Dëse Projet ass also mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella (par M. Luc Emering), Lydie Polfer (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding);

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser (par M. Fred Keup), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson (par Mme Joëlle Welfring) et Joëlle Welfring;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

8. 8263 – Projet de loi relative aux mesures de confortement du barrage du lac de la Haute-Sûre

An da komme mer zu dem nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 8263 iwwert d'Verstärkungsmoosname vun der Staumauer. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht, also: de Rapportier 10 Minutten, all Fraktioun a Sensibilitéit 5 Minutten, d'Regierung 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Emile Eicher, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen, den Här Meris Sehovic, den Här Ben Polidori an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo de Rapportier vum Projet, den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

M. Gusty Graas (DP), rapporteur | Merci, Här President. D'Drénkwaasserversuergung huet hei zu Lëtzebuerg schonn eng ganz laang Traditioun. Schon ënnert der Keeserin Maria Theresia sinn deemools Brunne gegruewe ginn. Dat war zwëscht 1740 a 1779. Déi haten eng Déift vun 48 m bis 68 m.

Den 8. Juni 1908 gouf den éischten Drénkwaassersyndikat hei zu Lëtzebuerg gegrënnt. Dat war den SES, also de Syndicat des eaux du sud. An den Arrêté grand-ducal vum 8. Juli 1963 huet dunn dem SEBES och definitiv eng gesetzlech Basis ginn. De 27. Mee 2006, ganz genee ëm sechs Minutten virun eelef moies, huet de SEBES säi 500-milliounste m³ Waasser geliwwert.

Eist Land wisst, ech mengen, dat fält eis nach ëmmer all Dag op. Dat bréngt natierlech mat sech, datt d'Demande no Drénkwaasser nach wie vor an d'Luucht geet. Och hei e puer Zuelen: Wa mer d'Moyenne huelen, déi zwëscht 1970 an 1979 vum SEBES geliwwert goufen, do waren dat 35.192 m³ den Dag. 2010 bis 2014 waren dat scho 54.849 m³ den Dag. An duerfir war et och richtig, datt mer hei den 8. Juni 2016 e Gesetz gestëmmt hunn, fir d'Capacitéit vum SEBES eropzesetzen op 110.000 m³.

D'Staumauer, ëm déi et haut ënner anerem och geet, ass opgeriicht ginn an de Joren 1956 bis 1957. Déi huet eng Héicht vu 47 m an déi gouf 2018 och vum Haut-Commissariat à la protection nationale als kritesch Infrastruktur agestuift. Ech mengen, dat ass net méi wéi verständlech.

Deen Horrorenario, dee mer eis léiwer net wëlle virstellen, wann dann d'Staumauer eng Kéier géing brieche ... An Etüde weisen, datt dat souguer en Impakt bis op Tréier hätt – ouni vun de Schied ze schwätzen, déi kéinten hei zu Lëtzebuerg entstoën. Mee dowéinst gëtt jo alles gemaach, fir datt déi Staumauer ëmmer soll optimal kënne ënnerhale ginn.

An duerfir hu mer haut e wichtige Projet. Et geet ëm e Finanzéierungsgesetz, wëll ech och direkt soen, op Basis vum Artikel 80 vum ofgeännerte Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget.

Da muss een och soen, datt d'Konzept vun deem Gesetz hei zum Deel sech och op en Héichwaasserjoer begrenzt, dat awer nëmmen all 10.000 Joer soll virkommen. Ech mengen also, et ass kee méi derbäi, wa sech eng Kéier sollt an 10.000 Joer sou eppes nach ereegnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem Gesetz hei geet et u sech ëm fënnef Verstärkungsmoosnamen. Ech wëll dann elo kuerz op déi eenzel Lousen agoen. Ech wëll allerdéngs direkt hei soen: Hei schwätzt e Laien zu engem héich komplizéierten technesch Dossier, duerfir entschëllegen ech mech schonn am Viraus, wann do vläicht eenzel Wieder net ëmmer esou 100%eg richtig gewielt sinn. Mee bon, ech versichen, mäi Bescht ze maachen.

Da fänke mer mam Lous 1 un. Do geet et, wéi gesot, ëm d'Ofleede vum Waasser bei Héichwaasser. Bis elo hate mer zwee Duerchgäng am Fong vun der Staumauer an dat staarkt Héichwaasser vun 1993 an och dat vun 1995 hunn am Fong derzou bäigedroen, datt ee sech awer Gedanke gemaach huet, wéi mer déi Problematik nach besser an de Grëff kënne kréien. Et goufe sech do, wéi gesot, och iwwert d'Konformitéit vum Barrage Gedanke gemaach. An dofir gëtt elo op der lénker Säit vum Bau eng Galerie vun 160 m virgesinn, wou d'Waasser fräi oflaffe kann.

Da ginn zwee Deversoire gebaut, déi deelweis och ënnert dem Waasser sinn an och deelweis iwwert dem Waasser. An da kënnt awer virun déi zwee Deversoiren e Barrage, e schwammende Barrage – fir dat emol esou ze nennen – , deen als Missioun huet, am Fong geholl dann Elementer zeréckzehalen, fir datt déi net an déi Deversoire kommen, ënner anere natierlech Bamstämm. An duerfir ass dat och ganz kloer esou ze verstoen.